N° 8186
Entrée le 20.10.2023
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Santé

**Äntwert vun der Madamm Gesondheetsministesch op d'parlamentaresch Fro n° 8186 vum 27. Juli 2023 vum honorabelen Deputéierten Här André Bauler.**

- *Ass d'Madamm Minister informéiert iwwer d'Aktivitéite vum neien Team vun Häerzdokteren am CHdN?
  Wa jo, wat ass hiert geneet Aarbechtsfeld?*

D'Missiounen vum Service de Cardiologie ginn mat der erneierter Équipe vun zur Zäit véier Kardiologen assuréiert sou wéi déi gesetzlech Bestëmmungen et vir ginn. Et ass ze notéieren dass zwee interventionnel Kardiologen an och een Rythmolog an där Equipe sinn.

- *Stëmmt et, datt spierbar manner "Schrittmacher" zu Ettelbréck gesat ginn?
  Wa jo, firwat ass dat esou?*

No enger temporärer Reduktioun vun den Zuelen ass d'Situatioun elo erëm wéi virum Wiessel vun den Kardiologen.

Am Iwwergang zu den neien Kardiologen am Centre Hospitalier du Nord (CHdN) gouf et engersäits en Impakt op d'Unzuel vun den implantéierte "Schrittmacher" an anerersäits gesäit d'Nomenklatur vun de medizineschen Akten vir, dass gewësse "Schrittmacher", ënnert anerem déi sougenannten Defibrillateuren, nëmmen am Institut national de chirurgie cardiaque et de cardiologie interventionnelle (INCCI) däerfen gesat ginn.

- *Gëtt nees envisagéiert fir mëttelfristeg méi där Interventiounen zu Ettelbréck duerchzeféieren?"*

D'Direktioun vum CHdN plangt mëttelfristeg nees méi kardiologesch Interventiounen zu Ettelbréck, an dëst, esoubal déi nei Equipe komplett operationell ass.

Lëtzebuerg, den 20. Oktober 2023

D'Gesondheetsministesch
(s.) Paulette Lenert